



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister vun der Cooperatioun op d'parlamentaresch Fro n° 5759 vum 14. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?

De Gesondheetsministère referéiert sech op seng Äntwert op déi parlamentaresch Fro 5704 an deeër déi verbleiwend Flacon'en souwéi déi respektiv Verfallsdatumer opgelëscht sinn.

2. Hunn d'Santé an de Kooperatiounsministère méttlerweil ee Plang opgestallt, wéi Lëtzebuerg noutfalls séier Impfstoff un aner Länner weider ka ginn, falls sech sollt ofzeechnen, dass net all Flacone virum Oflafdatum benotzt ginn?

Am Fall wou virauszegesinn ass, datt Impfflacon'en net méi virun hirem Verfallsdatum kënne genotzt ginn, setzt sech d'Division de la pharmacie et des médicaments vun der Gesondheetsdirektioun direkt mat der Cooperatiounsdirektioun vum Aussen- an Europaministère a Kontakt fir ze kucken ob déi concernéiert Flacon'en un Drëttstaten kéinte verdeelt ginn déi bereet sinn se unzehuelen.

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert